



Sommaire

- 1. Ouverture de la séance publique
  - M. Fernand Etgen, Président
- 2. Dépôt d’une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Sven Clement
  - M. Sven Clement
- 3. Désignation d’un candidat pour un poste de conseiller d’État
  - M. Fernand Etgen, Président
  - Vote secret sur les deux candidatures
- 4. Changement de composition d’une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d’une assemblée parlementaire internationale
  - M. Fernand Etgen, Président
- 5. 7471 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle
  - Rapport de la Commission de la Justice : M. Alex Bodry
  - Discussion générale : M. Léon Gloden - Mme Simone Beissel - M. Charles Margue - M. Roy Reding - M. Marc Goergen
  - Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6. 7218 - Projet de loi portant modification de :
  - 1° la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;
  - 2° la loi du 1<sup>er</sup> avril 2015 portant création d’un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg ;en vue d’instaurer des mesures macroprudentielles portant sur les crédits immobiliers résidentiels
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler
  - Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. le Ministre Pierre Gramegna, M. Mars Di Bartolomeo, M. Charles Margue et M. André Bauler) (dépôt de la motion 1) - M. Franz Fayot - M. François Benoy - M. Gast Gibéryen (intervention de M. le Ministre Pierre Gramegna) - M. David Wagner (dépôt de la motion 2) - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (intervention de M. Roy Reding)
- M. Gast Gibéryen et M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. le Ministre Pierre Gramegna
- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Motion 1 : M. Gilles Baum
- Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Motion 2 : M. Gilles Baum - M. David Wagner - M. Alex Bodry - M. Sven Clement - M. Gilles Roth - M. Gast Gibéryen - Mme Josée Lorsché - M. Gast Gibéryen - M. David Wagner (intervention de M. Alex Bodry) - renvoi de la motion 2 à la Commission du Logement et à la Commission des Finances et du Budget - M. Gilles Roth - M. Gilles Baum
- 7. 7408 - Projet de loi relatif à l’Office du Ducroire Luxembourg
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt
  - Discussion générale : M. Laurent Mosar - M. Alex Bodry - Mme Josée Lorsché - M. Roy Reding - M. David Wagner - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 8. 7446 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée en vue de la transposition de la directive (UE) 2018/1910 du Conseil du 4 décembre 2018 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l’harmonisation et la simplification de certaines règles dans le système de taxe sur la valeur ajoutée pour la taxation des échanges entre les États membres
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Guy Arendt
  - Discussion générale : M. Laurent Mosar - Mme Josée Lorsché - M. Roy Reding - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 9. 7463 - Projet de loi relatif à l’acquisition du complexe B de la Cité policière Grand-Duc Henri - Kalchesbréck
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. André Bauler
  - Discussion générale : M. Gilles Roth (interventions de M. Guy Arendt et M. Claude Haagen) - M. Yves Cruchten - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement
  - Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances
  - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Pierre Gramegna et Mme Sam Tanson, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Fernand Etgen, Président.- Ech maa-chen d’Sitzung op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice.- Neen, Här President.

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci vill-mools.

2. Dépôt d’une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Sven Clement

Den honorabelen Här Sven Clement huet d’Wuert gefrot gehat, fir eng Proposition de règlement ze deposéieren. Här Clement, Dir hutt d’Wuert.

► M. Sven Clement (Piraten).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Regierungssaccord gesäit vir, datt d’Regierung am Beräich Transparenz méi Transparenz wéilt maachen. Ech hunn du geduecht, datt dëst héicht Haus och e klenge Schotz méi Transparenz kéint verdroen, nämlech am Beräich vun eisen Entrevuen an eiser Kommissiounsaar-becht mat externen Interessevertrieder. Dofir deposéieren ech haut eng Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés, fir e Lobbyregëster am Kader vun der Kommissiounsaarbecht anzeféieren.

Ech soen lech Merci.

7499 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés visant à insérer dans le Règlement de la Chambre des Députés un registre des lobbies

► M. Fernand Etgen, Président.- Merci vill-mools.

(M. le Président donne acte du dépôt de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés qui sera renvoyée à la Conférence des Présidents.)

3. Désignation d’un candidat pour un poste de conseiller d’État

Esou wéi d’Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert d’Reform vum Staatsrot an d’Artikelen 119 bis 130 vum Chambersreglement et virgesinn, de-signéiere mer haut e Kandidat fir e Poste vu Conseiller beim Staatsrot.

No den Dispositiounen vun den Artikelen 122 an 123 vun eise Reglement huet d’Presidente-konferenz an hirer Reunioun vum 14. Novem-ber eng Kandidatëlëscht mat zwou Persounen arrêtiert. Dat sinn, an alphabetescher Reiefol-leg, den Här Jean-Marc Cloos, Dokter, an d’Ma-damm Deidre Du Bois, Affekot.

D’Chambersreglement gesäit vir, datt d’Of-stëmmung geheim a perséinlech ass. Et dærf also net par procuration ofgestëmmt ginn. Nëmmen d’Votten iwwert déi offiziell depo-néiert Kandidature si valabel. D’Wal vum Kan-didat erfollegt duerch eng absolutt Majoritéit, woubäi déi blank an ongültig Walziedelen net betruecht ginn.

Wa beim éischten Tour kee vun de Kandidaten déi absolutt Majoritéit krut, kënn et zu engem Ballottage. Bei Stëmmegläichheet am Ballot-tage kënn et zu engem Spezialtour. Wann dann nach ëmmer Stëmmegläichheet ass, ent-scheet d’Lous.

Vote secret sur les deux candidatures

Mir fänke mam Walgang un. Ech wëll d’Cham-ber drop opmierksam maachen, datt héchstens eng Kandidatur dærf ugekräizt ginn, soss ass de Stëmmziedel ongültig. Ech géif bieden, d’Stëmmziedelen auszedeelen.

Ech maachen den Appel nominal, fir d’Stëmm-ziedelen anzessammelen. Adehm Diane, Ahmedova Semiray, ...

(Brouhaha)

A, okay, fir se anzessammelen. Ech war esou schnell.

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

Sou, elo kann ech den Appel nominal maa-chen, fir d’Stëmmziedelen anzessammelen.

Appel nominal

D’Sitzung ass dann ee Moment ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.10 heures.)

\*\*\*

(La séance publique est reprise à 14.16 heures.)

D’Sitzung geet erëm weider.

D’Stëmmziedele si folgendermoossen opge-deelt: Total vun de Stëmmziedelen: 55, blank Stëmmziedelen: 1, gültig Stëmmziedelen: 54. D’absolutt Majoritéit ass 28.

D’Stëmmen si folgendermoosse verdeelt: Den Här Jean-Marc Cloos huet 5 Stëmmen kritt an d’Madamm Deidre Du Bois 49 Stëmmen.

Deemno huet d’Chamber mat enger absolutter Majoritéit decidéiert, datt d’Madamm Deidre Du Bois als Kandidat fir de Poste vum Conseil-ler beim Staatsrot designéiert ass.

► Plusieurs voix.- Très bien !

► M. Fernand Etgen, Président.- Mir wën-schen der Madamm Deidre Du Bois vill Satis-faktioun an hirer neier Funktioun.

4. Changement de composition d’une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d’une assemblée parlementaire internationale

Wat d’Zesummesetzung vun den internationa-len Delegatiounen ugeet, gëtt proposéiert, datt den Här Laurent Mosar, als Member vum Bu-reau, an d’Délégation auprès de l’Union inter-parlementaire, d’UIP, genannt gëtt.

Ass d’Chamber mat dëser Ännerung aversta-nen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. 7471 - Projet de loi portant modification de la loi du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle

Als nächste Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëtzig hu mer de Projet de loi 7471, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d’Cour constitutionnelle. D’Riedezäit ass nom Basis-

modell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gloden, d’Madamm Beissel, den Här Margue, den Här Reding an den Här Marc Goergen. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry.

Här Bodry, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, zënter dem Joer 1997, also zënter méi wéi 20 Joer, huet eist Verfassungsgericht a ronn 150 Urtee-ler zur Stärkung vum Rechtsstaat an zum Schutz vun de Rechter a Fräiheete vun de Bierger e wichtige Bäitrag geleescht.

D’Aféierung vun enger Kontroll vun der Verfas-sungsméissegkeet vun de Gesetzer iwwert de Wee vun enger Question préjudicielle an dat Ganzt virun enger spezieller Gerichtsinstanz war net oncontestéiert. Et sinn deemools Stëmmen ginn, déi gewarnt hu virun engem Gouvernement des juges an Anlechem. Déi Leit hunn net Recht behalen. Et muss ee soen, dass eist Verfassungsgericht sech affirméiert huet an deene méi wéi zwee Joerzénge vu sengem Be-stoen. An de Lëtzeburgerger System vun der Ver-fassungskontroll huet sécherlech seng Feier-prouf bestanen.

D’Optioun, déi mer geholl hunn, fir eist Verfas-sungsgericht net - wéi déi meescht Verfas-sungsgerichter am Ausland - politesch ze be-setzen an och keng politesch Nominations-prozedur anzeféieren, mee dass een op besteeënd professionell Riichter, héich Riichter zrëckgräift, huet sech als appropriéiert gewi-sen. Dat erspuert eis dee ganz schwierigen a penibele Wee heiansdo vun de politeschen No-minatiounen fir en iewescht Gericht.

Dëse Réckgrëff op Riichter, professionell Riich-ter, déi déi doten Tâche niewent hiren aneren Tâche maachen, besonnesch also och op Riich-ter aus dem Kassatiounshaff, kann awer och zu organisationelle Problemer féieren. Aus Respekt virum Prinzip vun der Impartialitéit kënnen nämlech an eise Verfassungsgericht keng